Housen, den 21. August 2025

**Betrëfft: Aktiv Ënnerstëtzung vun der Earth Night 2025 am Naturpark Our**

Léif Membere vum Buergermeeschter- a Schäfferot,

mat der Ënnerstëtzung vum Ministère de l'Environnement, du Climat et da la Biodiversité organiséiert de Naturpark Our am Kader vun der Earth Night 2025 zu Veinen ee Filmfestival vum 19. op den 21. September 2025. D'Zil vun dëser symbolescher Aktioun ass et, d'Opmierksamkeet vun der Ëffentlechkeet op d'Wichtegkeet vun enger natierlech däischterer Nuecht ze lenken an doduerch d'Bewosstsi fir d'Problematik vun der Liichtverschmotzung ze schafen. Eng däischter Nuecht ass wichteg fir d'Natur, fir d'Gesondheet vum Mënsch an och fir eng méi nohalteg Energienotzung.

Mir wëllen dës Geleeënheet notzen, fir am ganzen Naturpark eng staark gemeinschaftlech Symbolaktioun ze starten. Dofir biede mir Iech, an der Nuecht vum 19. September op den 20. September symbolesch d'Baussebeliichtung vu minimum engem ëffentleche Gebai an Ärer Gemeng auszeschalten.

De Filmfestival zum Thema „Nuecht" setzt kulturell a sensibilitéitsférderend Akzenter. Dës Kombinatioun vu Kultur a Bewosstsisaarbecht soll d'Thema „däischter Nuecht" op eng positiv a gemeinschaftlech Manéier an den ëffentlechen Diskurs bréngen.

**Mir géifen Iech bieden, eis bis spéitstens den 12. September op daniel.gliedner@naturpark-our.lu matzedeelen, ob a wéi Är Gemeng sech bei dëser Aktioun bedeelege wäert.**

Mat Ärer Ënnerstëtzung kënne mir e staarkt, gemeinsaamt Zeeche fir d'Ëmwelt, d'Natur an eng méi nohalteg Zukunft setzen.

Mir soen Iech am Viraus villmools Merci a verbleiwe mat frëndleche Gréiss.

Emile Eicher
President vum Naturpark Our

12, Parc - L-9836 Hosingen Tél.: +352/90 81 88-1 - Fax: +352/90 81 89 info@naturpark-our.lu www.naturpark-our.lu